**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (10.10.19)**

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/10/2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
10 OCT. 2019
1312

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.**

Den 8. Oktober huet RTL Group an engem Communiqué geschriwwen, datt vun am ganzen 198 Persounen, déi aktuell am « RTL Group Corporate Centre » zu Lëtzebuerg schaffen, 94 solle gekënnegt kréien oder delokaliséiert ginn. Méi konkret solle 50 Plazen ersatzlos gestrach ginn a 44 Persoune solle laut dësem Dokument op Köln delokaliséiert ginn. An dësem Communiqué schwätzt RTL Group jeeweils nëmme vum Total vun de Persounen am « Corporate Center », ouni dës op déi eenzel rechtlech Entitéiten opzedeelen.

D'Diskussiounen tëscht RTL Group an de Gewerkschafte sollen de 14. Oktober 2019 ufänken an zäitno ofgeschloss ginn.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 1181 huet de Premier ënnert anerem geäntwert:

> De Minister huet keng Indikatiounen, déi géife weisen, dass den Attachement vum RTL Group mat Lëtzebuerg kuerz- a mëttelfristeg a Gefor wier.

A weider schreift de Minister:

> Et ginn och keng Indikatiounen dofir, dass weider Aktivitéite vun der CLT-UFA SA oder déi Lëtzebuerger Programmaktivitéite vun enger Restrukturatioun betraff wieren.

De Minister huet an der selwechter Äntwert och nieft der Konventioun op e Kontrakt verwisen, deen den Ancrage vun der RTL Group zu Lëtzebuerg bis 2030 reegelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass an deem genannte Vertrag gereegelt, wat ënnert dem Ancrage vun der RTL Group zu Lëtzebuerg genee ze verstoen ass?

2. Stëmmt et, datt, wat den Ancrage ugeet, an deem Kontrakt en Ënnerscheed tëscht der CLT-UFA SA an der RTL Group gemaach gëtt?

3. Huet de Ministère Kenntnis doriwwer, wéi vill Persounen (opgedeelt no juristeschen Entitéiten), am Corporate Center vum RTL Group schaffen?

4. Wéi vill Leit sollen nom aktuelle Stand pro juristesch Entitéit delokaliséiert ginn bzw.

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

wéi vill Plaze sollen ofgebaut ginn?

5. Stëmmt et, datt an deem genannte Vertrag gereegelt ass, wéi eng Aktivitéite bis 2030 mussen zu Lëtzebuerg stattfannen? Wa jo, wéi eng sinn dat?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 10 octobre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1312 du 10.10.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Restructuration de RTL Group

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés